**Question écrite n°830** - Sujet : Traffic d'armes

**Auteur(s)** : Monsieur Fernand Kartheiser, Député
**Destinataire(s)** : Monsieur Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'Etat; Monsieur Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure
**Date limite de réponse à la question** : 08-02-2015

**Evènement(s) :**

| Date | Description | Liens |
|---|---|---|
| 08-01-2015 | Dépôt de la question | Document écrit de la question |
| 04-02-2015 | Réponse écrite de Monsieur Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'Etat; Monsieur Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure | Document écrit de la réponse |

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
08 JAN. 2015
830

Här Mars di Bartolomeo

Presidentvun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2015

HärPresident,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un den Här Minister fir bannenzegt Sécherheet weiderzeleeden.

No dem Attentat zu Paräis de 7. Januar 2015 gouf op enger franséischer Radiochaîne gesot, datt permanent illegal Waffen a Frankräich erageschmuggelt ginn.

Dowéinst wollt ech dem Här Staatsminister an dem Här Minister fir déi bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen :

1. Huetd'Lëtzebuerger Regierung Kenntnis vun illegalen Waffenimporter opLëtzebuerg oder vun engem Transit vun illegale Waffen duerchLëtzebuerg, besonnesch am Zesummenhank mat extremisteschenOrganisatiounen oder och Eenzelpersounen?
2. Wat sinn europawäit déi wahrscheinlech Routen, souwäit si der Police bekannt sinn, iwwer déi Waffen an Europa geschmuggelt ginn? Ass Lëtzebuerg do concernéiert?
3. Ass d'Regierung der Opfaassung, dat punktuell a cibléiert Grenzkontrollen illegal Waffegeschäfter an Europa kéinte méi schwéier maachen?
4. Huet d'Lëtzebuerger Regierung Kenntnis vun illegalen Waffentransaktiounen zu Lëtzebuerg ?
5. Wat ënnerhëlt déi lëtzebuergesch Regierung fir illegal Waffentransaktiounen oder -transporter an eisem Land ze verhënneren?
6. Wéi stellt d'Lëtzebuerger Regierung sécher, datt keng illegal Waffegeschäfter iwwer d'Finanzplaz Lëtzebuerg finanzéiert ginn?
7. Wat geschitt an dem Zësummenhank an internationale Gremien, besonnesch am Kader vum Schengen-Accord?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
0 5 FEV. 2015

30.01.15.

| Le Ministre aux Relations avec le Parlement SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION | |
|---|---|
| Reg.: | SCL: |
| Entré le: - 5 FEV. 2015 | |
| CE: | CHD: |
| A traiter par: | |
| Copie à: | |

Monsieur
Fernand ETGEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Luxembourg, le - 4. 02. 15

Objet : Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État et de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure à la question parlementaire N° 830 du 8 janvier 2015 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER concernant le trafic d'armes.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous envoyer en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure et du soussigné à la question parlementaire N° 830 du 8 janvier 2014 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER. La version électronique a été transmise à vos services par voie de courriel.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

4, rue de la Congrégation
L-2910 Luxembourg
Tél. (+352) 2478-2478
Fax (+352) 46 17 20
ministere.etat@me.etat.lu
www.gouvernement.lu
www.etat.lu

**Gemeinsam Äntwert vum Premier- a Statsminister a vum Minister vun der Sécurité intérieure op d'parlamentaresch Ufro N° 830 vum Här Fernand KARTHEISER iwwert de Waffeschmuggel.**

D'Polizei huet momentan keng Indizien iwwert d'Organisatioun vu Waffeschmuggelen déi Lëtzebuerg géife betreffen. Dat gesot, wollte mir drop hiweisen, datt just de Parquet kann Informatiounen iwwert eventuel Enquêtë kommunizéieren.

Den Dispositif Schengen erlaabt et net Grenzkontrollen duerchzeféieren, ausser wann den Artikel 2 vum Schengen-Accord invoquéiert gëtt, an déi aner Memberstaten doriwwer informéiert goufen. Et verhënnert awer näischt, datt Polizeikontrollen an der Ëmgéigend vun de Grenze gemaach ginn. Sou Kontrolle musse selbstverständlech dee ganz enk gezunnene Kader respektéieren, deen ënner anerem d'Duerchsiche vu Gefirer regelt. An deem Kontext wëlle mer den Députéierten drop hiweisen, datt d'europäesch Unioun de Projet „Firearms experts" lancéiert huet un deem d'Police judiciaire zënter dem 1. Januar 2015 deelhëlt. De Grupp, deen an deem Kader op d'Bee gesat gouf huet ganz verschidde Missiounen, dorënner d'Analyse an d'Organisatioun vun EU-wäite Kontrollen am betreffenden Domaine.

Wat d'Mesuren ubelaangt déi d'lëtzebuerger Regierung getraff huet fir géint de Waffeschmuggel virzegoen an den Dispositif, dee si op deem Niveau op d'Bee gestallt huet, sou sinn déi Deel vun engem generelle Kader deen op enger Rei internationale juristeschen Instrumenter berout.

Als éischt ass dat den Traité sur le commerce des armes, deen den 2. Abrëll 2013 zu New York gemaach gouf, dee Lëtzebuerg den 3. Juni 2013 ënnerschriwwen huet an deen duerch d'Gesetz vum 23. Mee 2014 approuvéiert gouf. Et handelt sech ëm een universellt juristesch zwéngend Instrument dat héchst méiglech gemeinsam Normen a puncto Exportatioun, Importatioun an Transfert vu konventionelle Waffe fixéiert. D'Ratifikatioun vun dësem Traité beweist den Engagement an de staarke Wëlle vu Lëtzebuerg fir géint den onerlaabten Handel mat konventionelle Waffe virzegoen.

Een anert wichtegt Instrument dat Lëtzebuerg am Kampf géint den onerlaabten Handel mat Waffe guidéiert ass d'Position commune 2008/940/PESC vum Conseil vum 8. Dezember 2008, déi gemeinsam Regelen definéiert fir d'Kontroll vun der Exportatioun vu militäreschen Technologien an Equipementer.

Zu gudder Lescht muss een de Gesetzesprojet 6708 zitéieren, deen aktuell um Instanzewee ass, an deen d'Reorganisatioun vum Kontrollsystem géintiwwer dem Ausféiere souwuel vu konventionelle Waffen a Militärequipementer wéi och vu Gidder mat duebler Asazméiglechkeet behandelt. Dee besotenen Text verstäerkt d'Regulatioun vun der

Maklertätegkeet an deem Domaine duerch d'Kontroll vun den Aktivitéiten déi lëtzebuerger Makler ausserhalb vun de lëtzebuerger Grenzen hunn. Den Text gesäit eng breet Definitioun vun der Maklertätegkeet vir a schléisst och d'Finanzservicer an, déi een Haaptelement an der Kette vum Waffeschmuggel sinn. Well d'Finanzplaz eng wichteg Roll zu Lëtzebuerg spillt ass dëst natierlech fir Lëtzebuerg een Haaptaspekt am Kampf géint de Waffeschmuggel.